ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister, d'Madamm Ëmweltminister an den Här Infrastrukturminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng Fro Nummer 4721 schreift d'Regierung iwwert d'Roll vun eise Wierdersatellitten wärend den Iwwerschwemmunge vu Mëtt Juli schreift d'Regierung ënnert anerem dat hei:

"*De Lëtzebuerger Staat ass Member bei EUMETSAT a bedreift iwwer dës Organisatioun zur Zäit déi heite Wiedersatellitten [...] All Memberland huet Accès op dës Donnéeën, déi hëllefen fir europawäit Wiederprevisiounen ze maachen. [...] D'Waasserverwaltung huet de 15. Juli 2021 de CGDIS ëm d'Aktivéierung vum Copernicus Emergency Management Service-Mapping gefrot, fir eventuell Satelittenopname vun den Iwwerschwemmungen zu Lëtzebuerg ze kréien. Den Zäitpunkt, zu deem d'Biller geschoss ginn, verbonne mam Stand vum Héichwaasser dee Moment, ass ausschlaggebend fir de Wäert vun de Biller. Dat sinn allerdéngs ex-post-Evaluatiounen. An der rezenter Kris hunn dës Satellitten awer keng Roll gespillt*".

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung nach gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung preziséieren, wéi wäit am Virfeld vun den Iwwerschwemmungen op d'Donnéeën déi iwwert eis Satellitte gewonne ginn, zeréckgegraff gouf, fir méiglechst fréi a prezis Risikoanalyse kënnen ze erstellen an d'Bevëlkerung entspriechend virzewarnen?
2) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng Satellitten säit dem 1. Januar 2018 a wéi engem Zesummenhang am Virfeld vu staarke Wierderonrouen zur Opklärung a Virwarnung agesat gi sinn? Wéi eng Resultater sinn duerch dës Asätz erméiglecht ginn? Ass no deenen eenzelen Asätz eng Evaluatioun virgeholl ginn, fir déi nei Erfarungen zukünfteg an déi allgemeng Prozeduren mat afléissen ze loossen?
3) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi vill mir säit dem 1. Januar 2018 all Joers fir d'Participatioun un dëse Satellitte bezuelt hunn an u wéi eng auslännesch Partnerstaten- respektiv Institutiounen dës Sue gefloss sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten